CEO/GESCHÄFTSEMAIL BEDRUCH

CEO/Geschäftsemail Bedruch geschitt, wann en Employé deen d'Erlaabnes huet Iwwerweisungen ze maachen, dozou verleet gëtt, eng falsch Rechnung ze bezuelen oder eng onerlaabt Iwwerweisung vun engem Geschäftskont ze maachen.

WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

E Schwindler rifft un oder schéckt eng E-Mail a gëtt sech als eng héich gestallte Perséinlechkeet vun enger Gesellschaft aus (z.B. CEO oder CFO).

Hien huet gutt Kenntnes vun der Organisatioun.

Hien hätt gären eng dréngend Iwwerweisung.

Hie gebraucht Wieder wéi: 'Vertraulechkeet', 'D'Gesellschaft vertraut lech', 'Ech sinn am Moment net ze erreechen'.

Oft ass et eng Ufro fir eng international Iwwerweisung ausserhalb vun Europa.

Den Employé iwwerweist Suen op e Kont, dee vun de Schwindler kontrolléiert gëtt.

Instruktiounen iwwert d'Virgoensweis kommen eventuellt méi spéit iwwer eng Drëttpersoun oder per E-Mail.

Den Employé gëtt opgefuerdert, déi normal Autorisatiounsprozeduren z'iwwergoen.

Hie bezitt sech op eng sensibel Situatioun (z.B. Steierkontroll, Fusioun, Acquisitioun).

WAT SINN D'ZEECHEN?

- Ongefroten E-Mail / Telefonsuruff.
- Direkte Kontakt vun engem héich gestallte Mataarbechter, mat deem Dir normalerweis kee Kontakt hutt.
- Opfuerderung fir eng absolutt Confidentialitéit.
- Drock an eng Form vun Urgence.
- Ongewéinlech Ufro, déi géint déi intern Prozedure geet.
- Droungen oder ongewéinlecht Fléiwen/Verspriechen vu Belounung.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

ALS GESELLSCHAFT

Sidd lech iwwert d'Risikoe bewosst a vergewëssert lech datt **d'Employéen informéiert sinn an och doriwwer Bescheed wëssen**.

Encouragéiert ärt Personal, **Ufroen fir Iwwerweisunge mat Virsiicht ze genéissen**.

Féiert intern Prozesser iwwert Iwwerweisungen an.

Féiert Prozeduren an fir d'Legitimitéit vun den Iwwerweisungsufroen, déi per E-Mail era kommen ze verifiéieren.

Féiert Rapportsroutinen an, fir e Bedruchsfall ze behandelen.

Kuckt d'Informatiounen no, déi op der Websäit vun ärer Entreprise stinn, a begrenzt **d'Informatiounen a sidd virsiichteg** wat d'sozial Medien ubelaangt.

Verbessert an aktualiséiert är technesch Sécherheet.

! Kontaktéiert ëmmer d'Police am Fall vu Bedruchsversich, och wann Dir keen Affer gi sidd.

ALS EMPLOYÉ

Haalt lech genee un är Sécherheetsprozedure fir Iwwerweisungen an Opträg. **Iwwersprangt keng Etappen a loosst lech net ënner Drock setzen**.

Kontrolléiert ëmmer genee d'E-Mail Adressen, wann Dir mat sensiblen Informatiounen / Iwwerweisungen ze dinn hutt.

Am Zweiwelsfall bei engem Iwwerweisungsoptrag, **frot e kompetenten Aarbechtskolleg**.

Maacht ni verdächteg Linken oder Unhäng op, déi Dir per E-mail kritt. Passt speziell op, wann Dir är privat E-Mailen um Computer vun der Gesellschaft kuckt.

Limitéiert d'Informatiounen a sidd virsiichteg, wat d'sozial Medien ugeet.

Vermeit et, Informatiounen iwwert d'Hierarchie, d'Sécherheet oder d'Prozeduren vun der Gesellschaft **ze deelen.**

! Wann Dir eng verdächteg E-Mail oder e verdächtegen Uruff kritt, da mellt et ëmmer bei ärem Informatikdepartement.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

INVESTMENT BEDRUCH

Investment Bedruchsfäll kënnen dacks lukrativ Investmentméiglechkeeten enthalen, wéi Aktien, Obligatiounen, Krypto-Wärungen, rar Metaller, Landinvestmenter am Ausland oder alternativ Energie.

WAT SINN D'ZEECHEN?

- Dir kritt séier Rendementer versprach an et gëtt lech verséchert, datt den Investissement sécher ass.
- D'Offer ass nëmmen disponibel wärend enger limitéierter Zäit.
- Dir kritt en ongefroten Uruff an dat e puer Mol.
- D'Offer ass nëmmen disponibel fir lech an Dir gitt gefrot, se net ze deelen.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Sicht lech ëmmer onparteiech finanziell Rotschléi** ier Dir Suen iwwerweist oder en Investissement maacht.
- **Weist spontan Uriff of,** wann et em Investitiounsméiglechkeete geet.
- **Sidd mësstrauesch** géigeniwwer vun Offeren fir sécher Investissementer, garantéiert Rendementer oder grouss Profitter.
- **Hitt lech virun zukünftegem Bedruch.** Wann Dir schonns eng Kéier an eng Fraude investéiert hutt, da kann et gudd sinn datt d'Schwindler erëm op lech aus sinn oder är Donnéeën un aner Krimineller verkafen.
- **Kontaktéiert d'Police,** wann Dir e Verdacht hutt.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

RECHNUNGSBEDRUCH

WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

- Eng Entreprise gëtt vun engem approchéiert, deen ugëtt e Fournisseur / Déngschtleeschter / Krediteur ze sinn.
- E puer Approchen kënne gebraucht ginn: Telefon, Bréif, E-Mail, etc.
- De Schwindler hätt gären, datt d'Bankdonnéeë fir eng Iwwerweisung (z.B. d'Bankdonnéeë vum Begënschtegen) fir zukünfteg Rechnunge solle geännert ginn. Den neie Kont, dee vum Schwindler ugi gouf, gëtt och vun him kontrolléiert.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

ALS GESELLSCHAFT

Stellt sécher, datt **d'Employéen informéiert sinn a sech bewosst sinn, dass** et sou eng Aart vu Bedruch gëtt a wéi ee se verhënnere kann.

Gitt dem Personal, datt verantwortlech ass fir Rechnungen ze bezuelen, den Uerder **se ëmmer op Onreegelméissegkeeten ze kontrolléieren.**

Féiert eng **Prozedur an fir** d'Legitimitéit vun den Iwwerweisungsufroen ze verifiéieren.

Kuckt d'Informatiounen, déi op der Websäit vun ärer Entreprise **stinn**, gutt duerch, speziell wat d'Kontrakter an d'Fournisseuren ugeet. Stellt sécher, dass dat, wat ärt Personal iwwert d'Gesellschaft op de soziale Medien deelt, begrenzt ass.

ALS EMPLOYÉ

Verifiéiert all Ufroen, déi angeblech vun äre Krediteure stamen, speziell wa se gären hätten, datt no d'Bankdonnéeë fir zukünfteg Rechnunge geäennert solle ginn.

Fir Iwwerweisungen iwwert eng gewëssen Zomm, **schaaft eng Prozedur, fir** de korrekte Bankkont an de Begënschtegten (z.B.bei engem Treffe mat der Gesellschaft) ze bestätegen.

Benotzt d'Kontaktdonnéeën, déi am Bréif / Fax /E-Mail stinn, déi eng Ännerung ufroen, net; gebraucht déi vun **vireger Korrespondenz** amplaz.

Wann eng Rechnung bezuelt ass, **schéckt eng E-Mail fir den Destinataire doriwwer ze informéieren**. Setzt den Numm vun der Empfängerbank dran an och aus Sécherheetsgrënn déi lescht véier Ziffere vum designéierte Kont.

Wielt een **designéierten eenzelen Uspriechpartner fir** Gesellschaften fir déi Dir reegelméisseg Iwwerweisunge maacht.

Limitéiert d'Informatiounen, déi Dir op de soziale Medien iwwert ären Employeur **deelt.**

Kontaktéiert ëmmer d'Police am Fall vun engem Bedruchsversuch, och wann Dir net Affer vum Bedruch gi sidd.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADEIN.LU
BEE SECURE

ONLINE SHOPPING BEDRUCH

Online akafen kann oft eng gutt Affär sinn, mee past op Bedruchsversich op.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Gebraucht national Eenzelhandelswebsäiten** wa méiglech – dann ass et éichter méiglech, datt Dir är Problemer reegele kënnt.
- **Maacht selwer Recherchen** – kuckt lech Bewäertungen un, ier Dir akaaft.

- **Gebraucht Kreditkaarten** – sou hutt Dir méi Chance, är Suen zréck ze kréien.
- **Bezuelt nëmmen iwwer e séchere Bezuelservice** – hätte se gären eng Iwwerweisung iwwer en Iwwerweisungsservice oder iwwer d'Bank? Iwwerleet lech et besser zwee Mol!
- Bezuelt nëmmen, wann Dir eng **sécher Internetverbindung hutt** – vermeit eng gratiss oder ëffentlech Wifi-Verbindung ze benotzen.
- **Bezuelt nëmmen op engem sécheren Apparat** – verséchert lech, datt äre Betribssystem an är Sécherheetssoftware um neiste Stand ass.
- Hitt lech virun aussergewéinleche Promotiounen oder Wonnerproduiten – **et schéngt ze gutt fir wouer ze sinn, dann ass et wahrscheinlech och esou!**
- Eng Pop-up Annonce datt Dir e Präis gewonnen hutt? **Iwwerleet lech et zwee Mol**, villäicht gewannt Dir just eng Malware.
- Wann de Produit net ukënnt, kontaktéiert de Verkeefer. Wann Dir keng Äntwert kritt, **kontaktéiert är Bank.**

Mellt ëmmer all verdächtege Bedruch bei der Police, och wann Dir net Affer vum Bedruch gi sidd.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADEIN.LU
BEE SECURE

BANK PHISHING E-MAILEN

Phishing bezitt sech op frauduléis E-Mailen, déi den Empfänger dozoubréngen, seng perséinlech, Finanz- oder Sécherheetsinformatiounen ze deelen.

WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

Dës E-Mailen:

kënnen d'selwecht ausgesinn wéi Zorte vu Korrespondenz, déi d'Bank effektiv erausschéckt.

kopéieren d'Logoen, de Layout an den Toun vun de richtegen E-Mailen.

bieden lech, en Unhang erofzelueden oder op e Link ze klicken.

benotzen eng Sprooch déi eng Urgence iwwermëttele soll.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Haalt är Software um neiste Stand;** äre Browser, Antivirus a Betribssystem abegraff.
- **Passt speziell op**, wann eng E-Mail vun enger 'Bank' lech sensibel Informatioune freet (z.B. ärt Passwuert vun ärem online Bankkont).
- **Kuckt lech d'E-Mail genau un:** vergläicht d'Adress mat virege richtege Messagen vun ärer Bank. Kontrolléiert och op Schreif-oder Grammatiksfeeler dra sinn.
- **Äntwert net op eng verdächteg E-Mail**, schéckt se léiwer un är Bank, andeems Dir d'Adress selwer antippt.
- **Klickt net op de Link an luet den Unhang net erof,** tippt léiwer d'Adress an äre Browser.
- Am Zweiwelsfall, **kuckt nach eng Kéier um** Website vun ärer Bank no oder rufft se un.

Cyberkrimineller verloosse sech drop, dass d'Leit beschäftegt sinn; am éischten Ament schéngen dës falsch E-Maile legitim ze sinn.

Passt op, wann Dir e mobillen Apparat gebraucht. Et kéint méi schwéier sinn, e Phishingversuch iwwer ären Handy oder är Tablett ze erkennen.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

LIBESGESCHICHT-SCHWINDEL

Schwindler fannen hir Opfer op online Dating-Websäiten, mee kënnen och sozial Medien oder E-Mail benotzen, fir a Kontakt ze kommen.

WAT SINN D'ZEECHEN?



Een deen Dir viru kuerzem online getraff hutt, behaapt déif Gefiller fir lech ze hunn an freet lech, privat mat him ze chatten.

Hir Messagë sinn oft schlecht geschriwwen a vag.

Hiren online Profil passt net zudeem, wat si lech zielen.

Si kënnen lech bieden, intim Biller oder Videoe vun lech ze schécken.

Fir d'éischt gewanne si ärt Vertrauen. Dann hätte si gär Sue vun lech oder d'Donnéeë vun ärem Bankkont oder ärer Kreditkaart.

Wann Dir keng Sue schéckt, probéiere se eventuell lech ze erpressen. Wann Dir Sue schéckt, dann hätte se gäre méi.

SIDD DIR EN OPFER?

Schummt lech net dowéinst!
Ënnerbriecht direkt de Kontakt.
Späichert wa méiglech all Kommunikatiounen, wéi d'Chat-Messagen.
Maacht eng Plainte bei der Police.
Mellt et um Site, wou de Schwindler fir d'Éischt un lech erugetrueden ass.
Wann Dir är Kontosdetailer erausginn hutt, da kontaktéiert är Bank.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Sidd ganz virsiichteg** wat perséinlech Informatiounen ubelaangt, déi Dir iwwert sozial Netzwierker an Datingsäiten deelt.
- **Betruecht ëmmer d'Risken.** D'Schwindler sinn op de bescht renomméierte Säiten ënnerwee.
- **Gitt lues vir** an stellt Froen.
- **Recherchéiert** der Persoun hir Foto an hire Profil, fir ze kucken op d'Material schonns soss anzwuersch gebraucht ginn ass.
- **Passt op** op Schreif- a Grammatiksfeeler, Inkonsistenzen an hire Geschichten an Ausrieden, wéi z.B. eng Kamera déi net fonctionnéiert.
- **Deelt kee** kompromettéierent Material, dat benotzt kéint ginn, fir lech ze erpressen.
- Wann Dir ee perséinlech treffe wëllt, dann **sot ärer Famill an äre Frënn**, wouhin Dir gitt.
- **Passt op Froen no Suen op.** Schéckt ni Suen, gitt ni d'Donnéeë vun ärer Kreditkaart oder ärem online Kont oder Kopieë vu perséinlechen Dokumenter eraus.
- **Vermeit hinnen am viraus Suen ze schécken.**
- **Iwwerweist ni Suen** fir eng aner Persoun: Geldwäsch ass eng Strofdot.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

BANK PHISHING SMSen

Smishing (eng Kombinatioun aus de Wierder SMS a Phishing) ass e Versuch vun de Schwindler, perséinlech, Finanz oder Sécherheets-Informatiounen iwwer SMSen ze kréien.

WÉI FONCTIONNÉIERT DAT?

An der SMS gitt Dir geméinlech gebieden, op a Link ze klicken oder eng Telefonsnummer unzeruffen fir äre Kont ze "iwwerpréiwen", z'"aktualiséieren" oder ze "reaktivéieren". Mee de Link féiert zu enger falscher Websäit an d'Telefonsnummer gehéiert dem Schwindler, deen ugëtt eng legitim Gesellschaft ze sinn.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Klickt net op Linken, Unhäng oder Biller**, déi Dir an ongefrote SMSen kritt ouni fir d'éischt den Absender ze kontrolléieren.
- **Sidd net presséiert**. Huelt lech Zäit fir déi néideg Iwwerpréiwungen ze maachen, ier Dir äntwert.
- **Äntwert ni op eng SMS**, déi lech äre PIN, ärt OnlineBanking-Passwuert oder och är Sécherheetsdonnéeë freet.
- Wann Dir méngt, datt Dir op eng Smishing-SMS geäntwert hutt an är Bankdonnéeë erausginn hutt, **kontaktéiert direkt är Bank**.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

GEFÄLSCHT BANKEWEBSÄITEN (SPOOFING)

Bank Phishing E-Mailen enthalen normalerweis Linken, déi zu enger virgetäuschte Websäit féieren, wou Dir gebiede gitt, är finanziell a perséinlech Informatiounen erauszeginn.

WAT SINN D'ZEECHEN?

Eng virgetäuscht Bankewebsäit gesäit bal esou aus wéi hire legitime Pendant. Sou Säiten weisen oft eng Pop-up Fënster un, wou Dir gebiede gitt, är Umelldonnéeë fir dës Bank erauszeginn. Richteg Banke gebrauchen keng esou Fënsteren.

Dës Websäite weisen normalerweis Folgendes un:

Urgencen: esou Messagë fannt Dir net op legitime Websäiten.



Pop-up Fënsteren: déi ginn normalerweis benotzt fir sensibel Informatioune vun lech ze kréien. Klickt net drop a vermeit perséinlech Donnéeën an esou enger Fënsteren anzeginn.

Schlechten Design: sidd virsiichteg mat Websäiten, déi Mängel am Design opweisen oder Schreif- a Grammatiksfeeler hunn.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

Klickt ni op Linken, déi an E-Maile sinn, déi op d'Websäit vun ärer Bank féieren.

Tippt ëmmer manuell op de Link oder gebraucht en existente Link vun ärer Favorittelëscht.

Gebraucht ëmmer e Browser, deen et lech erlaabt, **Pop-up Fënsteren** ze blockéieren.

Wann eppes wierklech Wichteges zu ärer Kenntnis soll kommen, dann gëtt är Bank lech doriwwer Bescheed, **wann Dir an ären online Kont eragitt**.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADE IN.LU
BEE SECURE

BANK VISHING URIFF

Vishing (Eng Kombinatioun aus de Wierder Voice a Phishing) ass e Bedruchsfall iwwer Telefon bei deem d'Schwindler versichen, hiert Affer dozou ze bréngen, seng perséinlech, Finanz- oder Sécherheetsinformatioune matzedeelen oder hinne Suen z'iwwerweisen.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Hitt lech** virun ongefroten Telefonsuriff.
- **Schreift dem Uruffer seng Nummer op** a sot him, Dir géift en zréckrufen.
- Fir seng Identitéit ze bestätegen, **sicht no der Telefonsnummer vun der Firma** a kontaktéiert se direkt.
- **Validéiert den Uruffer net andeems Dir d'Nummer, déi hien lech ginn huet, urufft** (et kéint eng falsch oder eng virgetäuscht Nummer sinn).
- Schwindler kënne grondleeënd Informatiounen online fannen (z.B. iwwer sozial Medien). **Gitt net dovun aus, dass en Uruffer echt ass**, just well hien esou eng Detailer huet.
- **Gitt** d'PIN-Nummer vun ärer Kredit- oder Debitkaart oder ärt Online-Banking-Passwuert **net eraus**. Är Bank géif ni esou Detailer froen.
- **Iwwerweist keng Suen** op en anere Kont, wann Dir dozou opgefuerdert gitt. Är Bank géif lech ni bieden, esou eppes ze maachen.
- Wann Dir mengt et wier e falschen Uruff, **deelt ärer Bank dat mat**.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre
EBF European Banking Federation
THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG
Ministry of the Economy
ABBL
SECURITY MADEIN.LU
BEE SECURE